RKLÄRUNG VUM ENQUETEUR No. Adresse: .................

:h erklären dass dëse Protokoll richteg an ëierlech d'Interviewgespréich eremgët dat ech selwer geféiert hun mat enger ersoun, déi mir virdrun nët perséinlech bekannt war. D'Gespréich an d'Selektioun vun der P.I. sin alle Regelen no gemat in, an de Protokoll ass während dem Gespréich ausgefëllt gin.

UER/GESPREICH ............. DATUM .................. NUMM + ENNERSCHREFT ENQUETEUR ...........................

| | | |
|---|---|---|
| ?4. | Sid Dir Lëtzebuerger Ärer Nationalitéit no?<br>WA JO: Wësst Dir op Dir an den Wiélerlëschten agedroen sid?<br>Sid Dir ënnert Ärem Haaptwunnsëtz agedroen oder sossanzwousch?<br>WA NEE: NET WEIDER ENQUETEIEREN ENG ANER PERSOUN SICHEN | 1 - Op sengem Haaptwunnsëtz agedroen<br>2 - Anzwousch anescht agedroen<br>3 - Wees nët op hien (sie) agedroen ass<br>4 - Ass nët agedroen<br>5 - Non-Réponse |
| ?5. | Sid Dir am Allgemengen mat dem Liéwen dat Dir féiert ganz zefridden, éischter zefridden, éischter nët zefridden oder guer nët zefridden? | 1 - Ganz zefridden<br>2 - Eischter zefridden<br>3 - Eischter nët zefridden<br>4 - Guer nët zefridden<br>0 - ? NSP |
| ?6. | Sid Dir am Allgemengen ganz zefridden, éischter zefridden, éischter nët zefridden, oder guer nët zefridden mat der Art a Weis wéi hei zu Lëtzebuerg Demokratie fonktionnéiert? | 1 - Ganz zefridden<br>2 - Eischter zefridden<br>3 - Eischter nët zefridden<br>4 - Guer nët zefridden<br>0 - ? NSP |
| ?7. | Wann et sech em eng Meenung handelt déi Iech um Härze léit, kënnt et do fir dass Dir Är Frënn, Är Famill oder Är Aarbechtskollegen dervun iwerzeegt Är Meenung unzehuelen? Geschitt dat .... | 1 .. Dacks<br>2 .. Heiansdo<br>3 .. Selen<br>4 .. Nie<br>0 -- ? |
| 8. | Wann Dir ënner Frënn sid, kënnt et Iech dann dacks, heiansdo, oder nie fir, iwert d'Politik ze schwätzen? | 1 - Dacks<br>2 - Heiansdo<br>3 - Nie<br>0 - ? NSP |

9/
4. Wann vun der Europäescher Gemeinschaft rieds ass, wat bedeit dat fir Iech? Kënnt Dir mir alles soen wat Iech dozou an de Kapp kënnt?
DER P.I. ZÄIT LOOSSEN FIR ZE ÄNTWERTEN, OFWARDEN OUNI ZE RELANCEIEREN
ENQ. ALLES GENEE OPSCHREIWEN - NET IWERSETZEN - (DAT HEESCHT OP LETZEBUERGESCH)

........................................................................................................................

........................................................................................................................

........................................................................................................................

6. Et gët am Moment vill doriwer diskutéiert, wat eist Land an den nächsten zéng Joer erréche soll.
Hei sin etlech Punkten, dene verschidde Leit eng Prioritéit araume willten. Wat fir engem dovun schéngt Iech dee wichtegsten ze sin?
7. A wat ass Ärer Meenung no deen zweetwichtegste Punkt?
KAART 1 WEISEN NEMMEN ENG ÄNTWERT AN ALL KOLONN

| 136 | 137 | |
|---|---|---|
| 1 | 1 | - Dofir ze suergen, dass eis Wirtschaft sech weiderhin op engem héigen Niveau entwéckelt |
| 2 | 2 | - Dass eist Land eng staark Arméi huet, déi amstand ass, et ze verdeedegen |
| 3 | 3 | - Dofir ze suergen, dass jidereen op senger Aarbecht, a sengem Quartier an a senger Gemeng e Wuerd matzerieden huet |
| 4 | 4 | - Ze versichen, eis Stied an eis Landschaften ze verschéineren |
| 0 | 0 | - ? NSP |

3. Wann Dir tëschent folgendem ze wiélen hätt, wat géift Dir Iech am meeschten wënschen?
). A wat géift Dir Iech heibei un zweeter Plaatz am meeschten wënschen?
KAART 2 WEISEN NEMMEN ENG ÄNTWERT AN ALL KOLONN

| 138 | 139 | |
|---|---|---|
| 1 | 1 | - Dass d'Uerdnung am Land erhaale bleift |
| 2 | 2 | - Dass sech d'Bierger méi un deene wichtegen Entscheedongen vun der Regierung bedeelege kënnen |
| 3 | 3 | - Sech dergéint ze wieren, dass d'Präisser weider klammen |
| 4 | 4 | - D'Fräiheet vun der Ried ze garantéieren esou, dass jidereen dat soen kann, wat en denkt |
| 0 | 0 | - ? NSP |

. Hei nach eng aner Lëscht. Wat schéngt Iech op der Lëscht am wichtegsten ze sin?
. A wat schéngt Iech an dëser Opziélung dat zweetwichtegst ze sin?
KAART 3 WEISEN NEMMEN ENG ÄNTWERT AN ALL KOLONN

| 140 | 141 | |
|---|---|---|
| 1 | 1 | - Eng stabil Wirtschaft |
| 2 | 2 | - Eng Gesellschaftsuerdnung unzestriéwen, déi manner onperséinlech a méi human ass |
| 3 | 3 | - Eng Gesellschaftsuerdnung unzestriéwen, an déer Ideen méi ziélen ewéi Geld |
| 4 | 4 | - De Kampf géint Kriminalitéit |
| 0 | 0 | - ? NSP |

KAART 1, 2 AN 3 WEISEN

2. Gëift Dir elo nach eng Kéier dëi dräi Kaarten hei iwerkucken a mir soen, wat vun all deem, wat do opgeziélt gët, fir Iech dat wat Dir iech am meeschte gëift wënschen. NEMMEN ENG ÄNTWERT

3. A wat schëngt Iech an dëser Opziélung dat ze sin wat der Wert ass als zweet ze wënschen? NEMMEN ENG ÄNTWERT

4. Wat ass dat, wat Ärer Meenung no am mannsten wënschenswert ass? NEMMEN ENG ÄNTWERT

| 142 | 143 | 144 | |
|---|---|---|---|
| 1 | 1 | 1 | - d'Wuessen vun eiser Wirtschaft |
| 2 | 2 | 2 | - eng staark Arméi |
| 3 | 3 | 3 | - méi Matbestëmmungsrecht |
| 4 | 4 | 4 | - d'Verschéinerung vun eise Stied an eiser Landschaft |
| 5 | 5 | 5 | - d'Oprechterhaalung vun der Uerdnung |
| 6 | 6 | 6 | - méi grouss Bedeelegung un den Entscheedungen vun der Regierung |
| 7 | 7 | 7 | - d'Präisbekämpfung |
| 8 | 8 | 8 | - d'Fräiheet vun der Ried |
| 9 | 9 | 9 | - d'wirtschaftlech Stabilitéit |
| 0 | 0 | 0 | - de Kampf géint Kriminalitéit |
| X | X | X | - eng méi human Gesellschaft |
| Y | Y | Y | - dass Ideen méi gëllen ewéi Geld |
| B | B | B | - ? NSP |

5. Hei ass eng Lëscht mat Sportarten.

KAART 4 WEISEN

Wéieng dovun interesséieren Iech wirklech dovun?
MEI ÄNTWERTEN MEIGLECH

1 - Tennis
2 - Velo, Cyclismus
3 - Segelen
4 - Fussball
5 - Golf
6 - Reiden
7 - Athletismus
8 - Schwammen
9 - Stemmen
0 - Turnen, Gymnastique
X - Marathon, Laafen
Y - Basketball
B - Näischt dovun

i. Während de Summerméint gin d'Auren 1 Stonn virun gedréint vis-à-vis vun de Wanterzäit. Wat hut Dir perséinlech am léifsten? D'Summerzäit ewéi bis elo nëmme während de Summerméint, oder d'Summerzäit d'ganzt Joer duerch benotzen oder d'Summerzäit ganz opgin?

1 - Nëmmen während de Summerméint
2 - Summerzäit d'ganzt Joer duerch
3 - Summerzäit ganz opgin
0 - ? NSP

/ Wéi oft iesst Dir folgend Produkter: all Dag oder bal all Dag, 3-4 Deg an der Woch, 1-2 Deg an der Woch, manner oft oder nie?

| | all Dag/ bal all Dag | 3-4 X Woch | 1-2 X Woch | manner oft | nie |
|---|---|---|---|---|---|
| . frëschen Uebstjú (oder gefruer, mee kee Konzentrat oder Konserven) | 1 | 2 | 3 | 4 | 5 |
| . frëscht Uebst | 1 | 2 | 3 | 4 | 5 |
| . frëscht Geméis (oder gefruer, mee keng Konserven) z.B. Kabes, Ierbessen, Wuerzelen, grëng Bounen, Zalot asw. | 1 | 2 | 3 | 4 | 5 |
| . eng Tas oder e Glas Mëllech | 1 | 2 | 3 | 4 | 5 |
| . Kaffi | 1 | 2 | 3 | 4 | 5 |
| . Wäin (puer, ouni Waasser) | 1 | 2 | 3 | 4 | 5 |
| . Béier | 1 | 2 | 3 | 4 | 5 |
| . en Aperitif (Martini, Porto, ....) | 1 | 2 | 3 | 4 | 5 |
| . Alkohol (z.B. Whisky, Gin, Cognac, Liqueur, Drëpp ..) | 1 | 2 | 3 | 4 | 5 |

Huele mer elo den Dag vu gëschter.

| Méindeg | Dënschdeg | Mëttwoch | Donneschdeg | Freideg | Samschdeg | Sonndeg |
|---|---|---|---|---|---|---|
| 1 | 2 | 3 | 4 | 5 | 6 | 7 |

. Géift Dir soen, dass Dir gëschter ongeféier wéi am gewéinlechen giess hut, oder éischter méi oder éischter manner ewéi am Gewéinlechen?

. A géift Dir soen, dass Dir gëschter ongeféier wéi am Gewéinleche gedronk hut, oder éischter méi oder éischter manner ewéi am Gewéinlechen?

| | 157 Iessen | 158 Drénken |
|---|---|---|
| - ongeféier ewéi am Gewéinlechen | 1 | 1 |
| - éischter méi ewéi am Gewéinlechen | 2 | 2 |
| - éischter manner ewéi am Gewéinlechen | 3 | 3 |
| - ? NSP | 0 | 0 |

Wa mer elo d'Lëscht vun virdrun (Q.147-155) erëm huelen ....... KAART 5 WEISEN
.... kënnt Dir mir da soen op Dir dovun

.... beim Mëttegiessen gies hut
.... beim Owes iessen gies hut
.... beim Kaffi muejes gies hut
.... nieft de Molzechten gies hut

| | 159 Mettes | 160 Owes | 161 Kaffi | 162 soss |
|---|---|---|---|---|
| - frëschen Uebstjü (oder gefruer, mee kee Kontzentrat oder Konserven) | 1 | 1 | 1 | 1 |
| - frëscht Uebst | 2 | 2 | 2 | 2 |
| - frëscht Geméis (oder gefruer, mee keng Konserven) z.B. Kabes, Ierbessen, Wuerzelen, gréng Bounen, Zalot asw. | 3 | 3 | 3 | 3 |
| - eng Tas oder e Glas Mëllech | 4 | 4 | 4 | 4 |
| - Kaffi | 5 | 5 | 5 | 5 |
| - Wäin (puer, ouni Waasser) | 6 | 6 | 6 | 6 |
| - Béier | 7 | 7 | 7 | 7 |
| - en Aperitif (Martini, Porto, ....) | 8 | 8 | 8 | 8 |
| - Alkohol (z.B. Whisky, Gin, Cognac, Liqueur, Drëpp ...) | 9 | 9 | 9 | 9 |

Wéieng vun dese Situatiounen trëfft op Iech perséinlech zou?

MEI ÄNTWERTE MEIGLECH FIR 1 AN 2

1 ... Dir fëmmt Zigaretten (och gedréintener) * Q.164
2 ... Dir fëmmt d'Zigar, d'Päif --> Q. 166
3 ... Dir hut opgehal ze fëmmen --> Q. 166
4 ... Dir hut nie gefëmmt --> Q. 170
0 ... ? NSP

FIR DEI DEI ZIGARETTE FEMMEN

Wéivill Zigaretten fëmmt Dir den Dag?

1 - manner ewéi 5
2 - 5 bis 9
3 - 10 bis 14
4 - 15 bis 19
5 - 20 bis 24
6 - 25 bis 29
7 - 30 bis 34
8 - 35 bis 39
9 - 40 oder méi
0 - ? NSP

Wéieng Zort Zigaretten fëmmt Dir meeschtens? KAART 6 WEISEN

1 - mat der Hand gedréinten Zigaretten mat hellem Tubak (z.B. Drum, Marlboro, Samson)
2 - mat der Hand gedréinten Zigaretten mat donklem Tubak (z.B. Gauloises)
3 - blond Zigaretten ouni Filter (Belga, Maryland ouni Filter))
4 - blond Zigaretten mat Filter (Marlboro, Dunhill)
5 - donkel Zigaretten ouni Filter (Gauloises)
6 - donkel Zigaretten mat Filter (Gauloises filtre)
7 - Zigaretten mat Menthol
8 - aner
0 - ? NSP

FIR ALL DEI, DEI FEMMEN (Zigaretten, Zigar, Päif) ODER DEI GEFEMMT HUN (CODE 1, 2, 3, bäi Q. 163)

Wéi al wart Dir wéi Dir ugefangen hut reegelméisseg ze fëmmen?

1 - mat 15 Joer oder éischter
2 - 15 - 25 Joer
3 - 26 - 35 Joer
4 - 36 - 45 Joer
5 - no 45 Joer
0 - ? NSP

FIR ALL DEI DEI ELO FEMMEN (CODE 1,2, bäi Q.163)

Zënter wéivill Joer fëmmt Dir?

1 - manner ewéi 5 Joer
2 - 5 bis 10 Joer
3 - 11 bis 20 Joer
4 - méi ewéi 20 Joer
0 - ? NSP

FIR DEI, DEI FEMMEN (Zigaretten, Päif, a.s.w.)

Géngt Dir fir de Moment wëllen ophalen mat fëmmen, oder den Tubakkonsum erofsetzen oder näischt un Äre Gewunnechten änneren?

1 - géng wëllen ophalen mat fëmmen
2 - wëllt Tubakkonsum erofsetzen
3 - wëll näischt un de Gewunnechten änneren
0 - ? NSP

FIR DEI, DEI OPGEHALEN HUN ZE FEMMEN (CODE 3 bäi Q.163)

Wéivill Joer laang hut Dir gefëmmt?

1 - manner ewéi 5 Joer
2 - 5 bis 10 Joer
3 - 11 bis 20 Joer
4 - méi ewéi 20 Joer
0 - ? NSP

FIR JIDEREEN

0. Passt Dir op Ärt Gewicht op?
WA JO: Gëift Dir soen dass Dir vis-à-vis vum leschte Joer ëischter zougehol hut oder ëischter ofgehol hut oder hut Dir Ärt Gewicht ongeféier gehalen?

1 - Passt nët op säi Gewicht op
2 - Eischter zougehol
3 - Eischter ofgehol
4 - D'selwecht Gewicht gehalen
0 - ? NSP

1. Hut Dir a leschter Zäit eppes gelies oder héieren vun engem europäesche Programm gëint de Kriebs?

1 - Jo
2 - Nee
0 - ? NSP

172 BIS 180 NEMMEN FIR FRAEN

Et gët 2 Sorten vu medezineschen Untersuchungen: den Ofstrech vun der Scheed (frottis vaginal) an d'Mammographie.

2. Mir schwätzen elo iwer den Ofstrech.
Wësst Dir wat dat as?
WA JO: hut Dir schon ee maache gelooss?

1 - wees nët wat et as
2 - wees Bescheed, mee nach nie gemaach
3 - wees Bescheed an huet maache gelooss

3/
4. WA SCHONS GEMAACH
Wéi al wart Dir wéi Dir deen éischten Ofstrech gemaacht krut? ALTER: ..........

5. Wéi oft loosst Dir en Ofstrech maachen?

1 - all Joer
2 - all 2 bis 3 Joer
3 - all 4 bis 5 Joer
4 - manner oft
0 - ? NSP

6. Wién mecht dës Untersuchung .. ?

1 .. ären Dokter oder en Generalist
2 .. e Fraendokter
3 .. an engem Spidol oder Diagnosticzenter
0 .. ? NSP

Elo schwätze mir iwer d'Mammographie.
Wësst Dir wat dat as?
WA JO: Hut Dir schon eng maache gelooss?

1 - wees nët wat et as
2 - wees Bescheed, mee nach nie gemaach
3 - wees Bescheed an huet maache gelooss

/
. WA SCHONS GEMAACH
Wéi al wart Dir wéi Dir déi éischt Mammographie gemaacht krut? ALTER: ..........

. Wéi oft loosst Dir eng Mammographie maachen?

1 - all Joer
2 - all 2 bis 3 Joer
3 - all 4 bis 5 Joer
4 - manner oft
0 - ? NSP

FIR JIDEREEN

/
. Hut Dir, do wou Dir wunnt, Ursaach fir iwer déi folgend Saachen ze bekloen: vill, zimlech, e wéineg oder guer nët? (Wann Dir keng Ursaach hut fir ze kloen, sollt Dir et roueg soen).

| | vill | zimlech | e wéineg | guer nët | ? |
|---|---|---|---|---|---|
| 228 - D'Kalitéit vum Drénkwaasser | 1 | 2 | 3 | 4 | 0 |
| 229 - De Kaméidi | 1 | 2 | 3 | 4 | 0 |
| 230 - D'Loftverschmotzung | 1 | 2 | 3 | 4 | 0 |
| 231 - D'Art a Weis wéi den Dreck, den Offall ofgelagert gët | 1 | 2 | 3 | 4 | 0 |
| 232 - Keng Méiglechkeet vir an d'Gréngt an op d'Land ze goen | 1 | 2 | 3 | 4 | 0 |
| 233 - De Verloscht vu guddem Kulturland | 1 | 2 | 3 | 4 | 0 |
| 234 - D'Verschandelung vun der Landschaft | 1 | 2 | 3 | 4 | 0 |

Elo fir Lëtzebuerg am Allgemengen, ech géng gären wëssen wéi beonrouegt, oder wéi besuergt Dir sid iwert eng Rei vu Problemer, déi ech Iech elo opzielen:

| | vill | zimlech | e wéineg | guer nët | ? |
|---|---|---|---|---|---|
| 235 - D'Verschmotzung vum Wasser, vun de Flëss vun de Seen | 1 | 2 | 3 | 4 | 0 |
| 236 - De Schued um Liéwen am Mier an un de Plagen | 1 | 2 | 3 | 4 | 0 |
| 237 - D'Loftverschmotzung | 1 | 2 | 3 | 4 | 0 |
| 238 - D'Art a Weis wéi den Offall vun den Industrien ofgelagert gët | 1 | 2 | 3 | 4 | 0 |

Schlussendlech, wéi beonrouegt oder wéi besuergt sid Dir iwert déi folgend Saachen?

| | vill | zimlech | e wéineg | guer nët | ? |
|---|---|---|---|---|---|
| 239 - D'Ausstierwen vu bestëmmten Planzen an Déierensorten an der Welt | 1 | 2 | 3 | 4 | 0 |
| 240 - D'Erschöpfung vun de natiirleche Buedemreserven an der Welt | 1 | 2 | 3 | 4 | 0 |
| 241 - D'Méiglechkeet vun enger Ännerung vum Weltklima duerch de Kueledioxid, deen bei dem Verbrennen vu Kuelen a Petrolsprodukter entsteet | 1 | 2 | 3 | 4 | 0 |

Vill Leit interesséieren sech haut fir d'Problemer vum Naturschutz a vun der Bekämpfung vun der Emweltverschmotzung. As dat Ärer Meenung no ....

1 .. een direkt dringende Problem
2 .. e Problem éischter fir d'Zukunft
3 .. am Fong kee Problem
0 -- ?

11. Form B = 2 /

3. U wat denkt Dir wann vun grousser Emweltverschmotzung Rieds geet? Sicht an dëser Lëscht déi 3 Saachen déi Iech direkt afalen. (LESCHT 7A WEISEN, 3 ANTWERTE MEIGLECH)

1 - Den Dreck deen op der Stroos läit, am Grëngen, op der Plage
2 - Déi Gebeier déi onerlabt gebaut sin an d'Landschaft verschandelen
3 - Pollutioun déi duerch Atomenergie entsteet
4 - Déi Fabriken déi geféierlech cheemesch Produkter an d'Loft oder an d'Waasser kéieren
5 - D'Autoen déi d'Loft verschmotzen
6 - D'Verschwendung vun de natiirlechen Buedemreserven (Erzer, Petrol, a.s.w. ....)
7 - De Kaméidi deen entsteet duerch Stroossenaarbechten, Autoskaméidi vun der Strooss, Flughafen, etc. ....
8 - Iwerdriwene Gebrauch an der Landwirtschaft vun Dünger, Pestiziden an Insektiziden
9 - De Mazut deen d'Mir an d'Küsten verschmotzt
X - D'Industrieoffäll déi egal wou hin geschot gin
Y - De saure Reen deen d'Bëscher futti mëcht
0 - ? NSP

4. Wéinst wat schéngen Iech dës Emweltbeschiédechongen schlëmm? (LESCHT 8 WEISEN, 2 ANTWERTEN MEIGLECH)

1 - Déi Mossnamen déi musse geholl gin fir dat erëm alles an d'Rei ze bréngen, sin deier
2 - Wann irgend wou d'Emwelt beschiedegt as, besteet de Risiko dass dat weidergeet an aner Géigenden a Länner
3 - D'Liéwenskalitéit geet erof
4 - All eenzel Verschmotzung vum Waasser, oder vun der Loft oder vum Buedem bréngt déi ganz natiirlech Emwelt a Gefor
5 - Déi Emweltbeschiedegungen vun haut riskéieren Konsequenzen ze hun fir déi nächst Generatiounen
6 - Dat as eng Gefor fir d'Gesondheet vun der Bevölkerung
7 - Aner Saachen OPSCHREIWEN
0 - ? NSP

. Gët et bei denen Saachen hei op dëser Lëscht, Saachen déi Dir schons gemaach hut?
LESCHT 9 WEISEN, MEI ANTWERTE MEIGLECH

5. A gët et Saachen op dëser Lëscht déi Dir bereet wärt ze maachen oder méi oft ze maachen?
LESCHT 9 WEISEN, MEI ANTWERTE MEIGLECH

| | | Schons gemaach 245 | Géif maachen 246 |
|---|---|---|---|
| A | Oppassen kee Pabeier a keng Oofäll op de Buedem ze geheien | 1 | 1 |
| B | D'Krunnewaasser nët verschwenden | 2 | 2 |
| C | Oppassen dass een nët zevill Kaméidi mëcht | 3 | 3 |
| D | Ee Katalysator op den Auto maachen fir de Kuelendioxid vum Auspuff ze begrenzen | 4 | 4 |
| E | Geld gin fir Naturschutzaktiounen | 5 | 5 |
| F | Oppassen fir den Haushaltsoofall ze recykléieren (Glas, ale Pabeier, Uelech vum Vidange a.s.w. ....) | 6 | 6 |
| G | Matmaachen bei enger lokaler Aktioun fir d'Natur ze erhalen z.B. eng Bach botzen | 7 | 7 |
| H | Géint e Projekt manifestéieren deen d'Emwelt beschiedegt | 8 | 8 |
| I | Perséinlech eng Associatioun ënnerstëtzen déi sëch fir d'Erhaalen vun der Emwelt asetzt | 9 | 9 |
| J | Näischt dovun (SPONTAN) | X | X |
| K | ? NSP | 0 | 0 |

. Wësst Dir op hei zu Lëtzebuerg déi staatlech Autoritéiten sech mat dem Emweltschutz beschäftegen?
WA JO: Fannt Dir dass déi staatlech Autoritéiten effikass sin op dësem Gebiet?

1 - Sie beschäftegen sech dermat an se sin effikass
2 - Sie beschäftegen sech dermat an se sin nët effikass
3 - Sie beschäftegen sech nët dermat
0 - ?

. Ech weisen Iech elo e puer Meenungen iwer d'Problemer vum Emweltschutz. Mat wéienger vun denen 3 Meenungen sid Dir averstanen? LESCHT 10 WEISEN, 1 EENZECH ANTWERT, NET PRESSEIERT SIN

1 - Déi wirtschaftlech Entwëcklung geet virun den Emweltfroen
2 - Et muss een heiansdo wiélen a sech entscheeden zwëschen der wirtschaftlecher Entwëcklung an dem Emweltschutz
3 - D'Natur schützen an déi natirlech Reserven erhaalen sin déi noutwendeg Viraussetzungen fir déi wirtschaftlech Entwëcklung ze garantéieren
0 - ?

. Et gët vill iwer d'Emwelt geschwat. Iwer wat wärt Dir perséinlech gär besser informéiert wat de Problem Emwelt ugeet?
LESCHT 11B WEISEN, 3 ANTWERTE MEIGLECH

1 - Iwer d'Geforen vun de cheemesche Produkter déi ee fräi ze kaafen kritt
2 - Wéi een bestëmmten Ooffall propper lass gët (z.B.: Faarf, Medikamenter, Vidange Uellech ....)
3 - Wéi een sech soll behuelen bei engem Industrieakzident
4 - Iwer d'Gesetzgebung hei am Land wat d'Emwelt ugeet
5 - Wién hei an der Gemeng zoustännech as fir d'Leit iwer d'Emwelt ze informéieren
6 - Iwer d'Konsequenzen fir d'Emwelt bei Industrieprojeten an Infrastrukturaarbechten
7 - Iwer dat wat ee selwer kann bei sech maachen fir d'Emweltverschmotzung ze evitéieren
8 - Genee d'Situatioun vun der Emwelt kennen do wou ee wunnt
9 - Beispiller ze kennen vun Aktiounen a vun Betrieber déi bei Emweltproblemer Erfollech haten
X - Iwer déi Präventivmoosnamen déi geholl gin an dene geféierleche Betrieber aus der Géigend
Y - Geforen am Zesummenhang matt der Atomindustrie
0 - ?

50. Hut Dir während denen leschten 12 Méint eppes gelies oder héieren vum Europäeschen Emweltjoer?

1 - Jo *
2 - Nee ---> Q.253
0 - ? NSP ---> Q.253

251 Wou hut Dir eppes dovun héieren oder gelies?

1 - Zeitungen
2 - Lokal Radioen
3 - National Radioen
4 - Lokal Televisioun
5 - National Televisioun
6 - Gespréicher mat anere Leit
7 - Duerch Aktivitéiten wou Dir drun deelgehol hut
8 - Publizitéit, Reklamen
9 - Periodiken a spezialiséiert Press
0 - ? NSP

i2. Huet dat europäescht Emweltjoer Iech interesséiert an deem Mooss wou Dir eppes dovun héieren hut? Sicht Iech w.e.g. bei desen Antwerten, déi eraus, déi am beschten op Iech zoutréfft. FIRLIESEN

1 - dat huet mech stark interesséiert an ech wollt méi iwer d'Emweltproblemer gewuer gin
2 - dat huet mech interesséiert mee nët méi
3 - dat huet mech nët vill oder guer nët interesséiert
0 - ? NSP

3. Am Laaf vum Europäeschen Emweltjoer dat elo eriwer as, sin et verschidden Evenementer an Aktivitéiten gin. Sot mir vu wéiengen hei op dëser Lescht hut Dir eppes héieren? FIRLIESEN AN KODEIEREN WANN P.I. ET KENNT

1 - d'Croisière vum Amerigo Vespucci fir d'Publikum iwer de Schutz vum Mir ze informéieren
2 - d'europäesch Woch fir d'Fullen ze observéieren
3 - d'Iwerreechung vum 'Bloe Fendel' fir proper Plagen
4 - verschidde Konkurren am Kader vum europäeschen Emweltjoer
5 - Filmer déi am Kader vum europäeschen Emweltjoer gedréint gi sin
6 - den internationalen Dag fir de Besch
7 - de Bericht iwer d'Lag vun der Emwelt an der europäescher Gemeinschaft
8 - Jumelagen vu beschützte Gebieter aus verschiddene Länner
9 - Aktiounen fir d'Jugend (Edukatiounsprogrammer, Jugendcampinger fir Emweltschutz)
0 - ? NSP

/ Op Dir elo schons dovun héieren hut oder nët, sot mir fir all Evenement op dat Iech perséinlech interessant schéngt
. oder nët? LESCHT 12 WEISEN

/ A sot mir fir all Evenement op dat Ärer Meenung no nëtzlech as fir den Emweltschutz oder op dat näischt nëtzt?
.

| | Interessant 254 | nët Interessant 255 | Nëtzlech 256 | nët Nëtzlech 257 |
|---|---|---|---|---|
| - d'Croisière vum Amerigo Vespucci fir d'Publikum iwer de Schutz vum Mir ze informéieren | 1 | 1 | 1 | 1 |
| - d'europäesch Woch fir d'Fullen ze observéieren | 2 | 2 | 2 | 2 |
| - d'Iwerrechung vum 'Bloe Fendel' fir proper Plagen | 3 | 3 | 3 | 3 |
| - verschidde Konkurren am Kader vum europäeschen Emweltjoer | 4 | 4 | 4 | 4 |
| - Filmer déi am Kader vum europäeschen Emweltjoer gedréint gi sin | 5 | 5 | 5 | 5 |
| - den internationalen Dag fir de Besch | 6 | 6 | 6 | 6 |
| - de Bericht iwer d'Lag vun der Emwelt an der europäescher Gemeinschaft | 7 | 7 | 7 | 7 |
| - Jumelagen vu beschützte Gebieter aus verschiddene Länner | 8 | 8 | 8 | 8 |
| - Aktiounen fir d'Jugend (Edukatiounsprogrammer, Jugendcampinger fir Emweltschutz | 9 | 9 | 9 | 9 |

Ech liesen Iech elo eng Rei Meenungen iwer d'europäescht Emweltjoer fir. Sot mir all Kéier op Dir domat ganz averstane, éischter averstane, éischter nët averstane oder guer nët averstane sid?

| | ganz averstan | éischter averstan | éischter nët averstan | guer nët averstan | ? NSP |
|---|---|---|---|---|---|
| Nom Europäeschen Emweltjoer wärten déi öffentlech regional an national Autoritéiten d'Emweltproblemer méi berücksichtegen | 1 | 2 | 3 | 4 | 0 |
| D'Suerg fir d'Emwelt wärt erem ofhuelen wann näischt nokënnt nom Europäeschen Emweltjoer | 1 | 2 | 3 | 4 | 0 |
| D'Europäescht Emweltjoer huet ville Leit d'Gelegenheet gin d'Emweltproblemer besser ze verstoen | 1 | 2 | 3 | 4 | 0 |
| Eischter wéi d'Europäescht Emweltjoer, sin et déi grouss Industrieakzidenter déi et mat sech brengen dass d'öffentlech regional an national Autoritéiten d'Emweltproblemer berücksichtegen | 1 | 2 | 3 | 4 | 0 |
| Déi grouss Industrieakzidenter hu méi Gewicht ewéi d'Europäescht Emweltjoer fir de Leit d'Emweltproblemer kloer ze maachen | 1 | 2 | 3 | 4 | 0 |

58. Ech weisen Iech elo eng Rei Situatiounen wou d'Leit Strahlungen ausgesat sin. LESCHT 13 WEISEN

Nennt mir vun dëser Lëscht dëi 2 Situatiounen dëi Ärer Meenung no dëi schlëmmst Konsequenzen hun?

2 ÄNTWERTEN MEIGLECH

1 - Bei enger Atomzentral wunnen
2 - Eng länger Zäit an de Bierger verbrengen
3 - Bei enger Minn wunnen wou Uran erausgezun gët
4 - D'Nowierkungenvun militäreschen Atomversicher
5 - Selwer geröntgt gin
6 - Bei enger Stross wunnen wou radioaktiv Erz an Offall drop transportëiert gët
7 - Mat engem Flieger ganz héich flëien
8 - Näischt dovun (SPONTAN)
0 - ? NSP

Ech liesen Iech elo eng Parti Meenungen iwer Atomenergie a Radioaktivitéit fir.
Sot mir all Kéier op Dir domat ganz averstane, éischter averstane, éischter nët averstane oder guer nët averstane sid.

| | | ganz averstan | éischter averstan | éischter nët averstan | guer nët averstan | ? NSP |
|---|---|---|---|---|---|---|
| 9. | Bei enger Atomzentral wunnen verstärkt de Risiko Kriebs ze kréien oder anormal Kanner | 1 | 2 | 3 | 4 | 0 |
| 0. | De Problem vum Stockage vun Atomoffäll as nach nët geléist | 1 | 2 | 3 | 4 | 0 |
| 1. | D'Risiken hei am Land vun enger radioaktiver Verseuchung si nët esou grouss ewéi déi vun cheemescher Pollutioun | 1 | 2 | 3 | 4 | 0 |
| 2. | En Ongleck ewéi dat vun Tchernobyl kann et nët an den Atomzentralen vu Westeuropa gin | 1 | 2 | 3 | 4 | 0 |
| 3. | E Land wat Atomzentralen an enger Grenzregioun huet muss d'nopesch Länner konstant informéieren iwer d'Fonktionnement vun der Zentral | 1 | 2 | 3 | 4 | 0 |

. Hei as eng Rei mat Schutzmoossnamen déi ee kann huelen am Fall vun radioaktiver Verseuchung. LESCHT 14 WEISEN
Gët et der vun denen hei, déi Dir gehol hut wéi dat Ongleck an der Atomzentral zu Tchernobyl an der Sovjetunioun am Mä 1986 geschitt as?

1 - provisoresch seng Wunngéigend verlossen fir an eng manner verseucht Géigend ze goen
2 - kee Krunnewaasser drénken
3 - (extra) oppassen bei der Alimentatioun vun de Kanner
4 - bei den Dokter goen
5 - Uebst a gréngt Geméis wat verseucht kéint sin, gutt wäschen
6 - verschidden Agrarprodukter déi riskéieren verseucht ze sin nët iessen
7 - esouvill ewéi méiglech evitéieren erauszegoen an denen Deeg no deem d'Ongléck bekannt gin as
8 - aner (PREZISEIEREN)
9 - huet keng extra Moosnam gehol
0 - ? NSP

5. Méi allgemeng, wat waren Ärer Meenung no zu Lëtzebuerg déi gréisst Konsequenzen nom Ongléck zu Tchernobyl?
LESCHT 15 WEISEN NEMMEN 2 ÄNTWERTEN MEIGLECH

1 - e gréissert Bewosstsäin iwer déi méiglech Geforen vun der Atomenergie
2 - de Leit hei am Land hir Gesondheet as stark geschiedegt gin
3 - déi langfristeg Afrostellung vu verschiddenen ekologeschen Gleichgewichter
4 - eng Angscht déi nët am Verhältnes stung mat deem wat wirklech passéiert war
5 - e grousse Verloscht fir d'Baueren
6 - eng zimlech déitlech Verstärkung vun de Secherheetsmoossnamen an den atomaren Installatiounen
7 - keng Konsequenzen
0 - ? NSP

. Huele mer un et géif en schlëmmt Ongleck an enger Atomzentral an engem Land vun der europäescher Gemeinschaft passéieren. Sot mir, esou wäit Dir Bescheed wësst, op et an deem Fall Moossnamen gët fir d'Bevölkerung ze schützen an ze informéieren?
WA JO: sin dës Moossnamen Ärer Meenung no effikass?

1 - Jo, gehéiert vu Moossnamen, a fënnt se effikass
2 - Jo, gehéiert vu Moossnamen, a fënnt se nët effikass
3 - Jo, gehéiert vu Moossnamen, wees nët op se effikass sin
4 - Nee, wees näischt vun esou Moossnamen
0 - ? NSP

. Sid Dir am Allgemengen ganz zefridden, zimlech zefridden, nët immens zefridden oder guer nët zefridden iwer d'Informatioun iwer d'Radioaktivitéit an eisem Land?

1 - ganz zefridden ---> Q.278
2 - zimlech zefridden ---> Q.278
3 - nët immens zefridden ---> Q.279
4 - guer nët zefridden ---> Q.279
0 - ? NSP ---> Q.280

. WA GANZ / ZIMLECH ZEFRIDDEN CODE 1 AN 2
Wéieng vun follgenden Ursachen erklären am beschten firwat dass Dir mat der Informatioun doriwer zefridde sid?

LESCHT 16 WEISEN

MEI ÄNTWERTE MEIGLECH

1 - d'Informatioun as zouverlässeg
2 - d'Informatioun geet duer
3 - d'Informatioun as objektiv
4 - d'Informatioun as kloer a gutt erklärt
5 - d'Informatioun as interessant
6 - d'Informatioun gët schnell geliwert
7 - aner (PREZISEIEREN)
0 - ? NSP

. WANN NET IMMENS / GUER NET ZEFRIDDEN CODE 3 A 4
Wéieng vun denen Ursachen op dëser Lëscht erklären am beschten firwat Dir nët mat der Informatioun zefridde sid?

LESCHT 17 WEISEN

MEI ÄNTWERTE MEIGLECH

1 - d'Informatioun as nët zouverlässeg
2 - d'Informatioun geet nët duer
3 - d'Informatioun as nët objektiv
4 - d'Informatioun as komplizéiert a schlecht erklärt
5 - d'Informatioun as nët interessant
6 - d'Informatioun zirkuléiert schlecht a mat Verspéidung
7 - autre (PREZISEIEREN)
0 - ? NSP

0. FIR ALLEGUER

Wiem traut Dir am meeschten hei am Land wat d'Wourecht vun der Informatioun iwer de Nivo vun der Radioaktivitéit ugeet?

LESCHT 18 WEISEN

NEMMEN 1 ANTWERT

1 - ekologesch Assoziatiounen
2 - Atomindustrie
3 - Journalisten
4 - Dokteren
5 - Konsumentschutzorganisatiounen
6 - onofhängeg Wëssenschaftler
7 - Lokal-Politiker
8 - Regierung
9 - Autoritéiten vun der europäescher Gemeinschaft
X - Keen (SPONTAN)
0 - ? NSP

---

0. Et gët vill driwer geschwat wat d'Länner aus der EG gemeinsam hun an dat wat se ënnerscheed.

Déi eng soen (A): Wann enges Dags d'Länner aus Europa wirklech vereent wieren, dann géif dat d'Enn bedeiten vun eisen nationalen, historeschen a kulturellen Identitéiten an eis national wirtschaftlech Interessen géifen geaffert gin.

Déi aner soen (B): Déi eenzeg Art a Weis fir eis national, historesch a kulturell Identitéiten ze verdeedegen an fir eis national Wirtschaftsinteressen géint déi grouss Weltmuechten ze verdeedegen, besteet dodran dass d'Länner aus Europa wirklech vereent gin. As Äre Standpunkt méi no bei der éischter oder bei der zweeter Meenung.

LESCHT 19 WEISEN

Sot wou Dir stitt a wiélt eng Zuel op dëser Skala.

TEXT A 1 2 3 4 5 6 7 TEXT B

0 = ? NSP

---

1. Hut Dir an leschter Zäit eppes an der Zeitung gelies oder um Radio op der Televisioun héieren iwer d'Europäesch Kommissioun zu Bréissel dat heescht d'Kommissioun vun der Europäescher Gemeinschaft?

1 - Jo *
2 - Nee ---> Q.323
0 - ? NSP ---> Q.323

---

2. WA JO, hut Dir doduerch éischter e gudden oder éischter e schlechten Androk vun der Europäescher Kommissioun kritt?

1 - éischter e gudden
2 - éischter e schlechten
3 - weder nach (SPONTAN)
0 - ? NSP

---

. Sid Dir am Allgemengen dofir oder dergéint dass probéiert gët Westeuropa ze vereenegen?
Sid Dir ....

1 .. ganz dofir
2 .. éischter dofir
3 .. éischter dergéint
4 .. ganz dergéint
0 -- ? NSP

---

. Dass Lëtzebuerg an der Europäescher Gemeinschaft as, fannt Dir dat am Allgemengen ....

1 .. eng gutt Saach
2 .. eng schlecht Saach
3 .. weder gutt nach schlecht
0 -- ? NSP

---

. Alles an allem, géift Dir soen dass Lëtzebuerg dervun profitéiert huet oder nët dass et an der Europäescher Gemeinschaft as?

1 - huet profitéiert
2 - huet nët profitéiert
0 - ? NSP

---

. Wann een Iech muer géif soen, dass d'Europäesch Gemeinschaft opgeléist géif gin, géingt Dir dat staark bedaueren, wär Iech dat egal oder wärt Dir ganz erliichtert?

1 - staark bedaueren
2 - et wär mir egal
3 - ech wär ganz erliichtert
0 - ? NSP

---

D'Realisatioun vum groussen europäesche Bannemaart am Joer 1992 bedeit fräi Zirkulatioun vun de Leit, de Wueren a Gidder an der Europäescher Gemeinschaft. Déi eng mengen dass dat haaptsächlech Virdeeler bréngt, déi aner dass et haaptsächlech Nodeeler gët. Kënnt Dir mir soen wat Dir perséinlech mengt fir all Aspekt deen ech elo virliésen op deen éischter Virdeeler bréngt oder éischter Nodeeler?

| | éischter Virdeel 332 | éischter Nodeel 333 | ? NSP 334 |
|---|---|---|---|
| - d'Ofschafung vun den Douankontrollen op de Grenzen zwëschen den EG-Länner | 1 | 1 | 1 |
| - d'Méiglechkeet fir all Birger aus engem EG-Land sech iwerall soss an der EG opzehalen ouni Zäitbegrenzung z.B. fir Pensioun/Studium ze verbrengen | 2 | 2 | 2 |
| - d'Méiglechkeet fir all Birger aus engem EG-Land an en anert Land vun der EG schaffen ze goen | 3 | 3 | 3 |
| - d'Méiglechkeet bei sech am Land all Produkter déi soss regelméisseg an anere Länner vun der EG verkaaft gin, kaafen ze kënnen | 4 | 4 | 4 |
| - déi progressif Vereenheetlechung vun den TVA-Sätz (Mehrwertssteier) den EG-Länner, fir dass d'Produkter zu gläiche Präiskonditiounen verkaaf gin? | 5 | 5 | 5 |
| - d'Méiglechkeet ouni Formalitéiten iwerall an der EG ze bezuelen | 6 | 6 | 6 |
| - d'Méiglechkeet fir op eng Rees an en anert EG-Land egal wéivill Suen kënne matzehuelen | 7 | 7 | 7 |
| - d'Méiglechkeet Terrain'en an Immobilien an der ganzer EG kënnen ze kaafen | 8 | 8 | 8 |
| - d'Méiglechkeet an all Land vun der EG e Bankkonto opzemaachen | 9 | 9 | 9 |
| - d'Méiglechkeet fir dass e Betrieb aus engem aneren EG-Land bei eis am Land öffentlech Aarbechten ausféiert wann seng Offer méi genschteg as fir déi selwecht Kalitéit | X | X | X |

| | |
|---|---|
| Am grousse Ganzen, mengt Dir dass d'Realisatioun vum groussen Europäeschen Bannemaart 1992 fir Iech, a fir déi Leit ewéi Dir, eng gutt Saach ass, eng schlecht Saach oder weder eng gutt nach eng schlecht Saach ass? | 1 - eng gutt Saach<br>2 - eng schlecht Saach<br>3 - weder eng gutt nach eng schlecht<br>0 - ? NSP |
| Mengt Dir dass ee méi wäit misst goen bei der Vereenegung vun Europa ewéi d'Realisatioun vum groussen europäesche Bannemaart? | 1 - Jo *<br>2 - Nee --> Q.340<br>0 - ? NSP --> Q.340 |

* WA JO: A wéieng Richtung muss Ärer Meenung no déi gemeinsam europäesch Politik entwéckelt gin?
Sot mir fir all Domän op JO oder NEE.

| | 337<br>Jo | 338<br>Nee | 339<br>? NSP |
|---|---|---|---|
| - Secherheet a Verdeedegung | 1 | 1 | 1 |
| - Emweltschutz | 2 | 2 | 2 |
| - Währung (Geld) | 3 | 3 | 3 |
| - Zesummenaarbecht mat den Entwecklungslänner | 4 | 4 | 4 |
| - Relatiounen mat de Länner ausserhalb vun der europäescher Gemeinschaft (Vereenegt Staaten, China, Japan, a.s.w.) | 5 | 5 | 5 |
| - wëssenschaftlech an technologesch Fuerschung | 6 | 6 | 6 |

| | |
|---|---|
| Zënter ville Joeren huet d'Europäesch Gemeinschaft sech an eng Politik engagéiert déi ënnert dem Num vun der 'Gemeinsamer Agrarpolitik' bekannt ass. Alles an allem géift Dir soen dass d'Resultater vun dëser Politik gutt oder schlecht sin? | 1 - gutt<br>2 - schlecht<br>3 - weder nach (SPONTAN)<br>0 - ? NSP |

Et si verschidde Virschléi gemaach gin fir déi 'Gemeinsam Agrarpolitik' ze reforméieren. Sot mir wat fir eng Reformen vun dëser Lëscht wirklech der Wert sin gemaach ze gin? [LËSCHT 20 WEISEN] MEI ANTWERTEN MEIGLECH

1 - eis Agrikultur muss méi orientéiert gin fir Produkter hierzestellen déi nët subventionnéiert sin an vun der Industrie benotzt kënne gin
2 - en Deel vun de Lännereien broch leen
3 - de Baueren eng Kompensatioun ubidden wann se an d'Pré-retraite gin
4 - de Gebrauch vun Dünger, Mëttelen géint d'Onkraut an d'Ongezifer muss reduzéiert gin, och wann dat heescht dass d'Produkter méi deier musse bezuelt gin fir eng rentabel Agrikultur ze erhalen
5 - et muss e bessert Gläichgewicht hirgestallt gin zwëschen der Alimentarproduktioun an de Besoinen vun de Konsumenten, och wann dat verschidde Baueren zwengt de Beruf ze wiesselen
6 - Reduktioun vum Agrarbudget vun der europäescher Gemeinschaft
7 - deelzäitlech Agraraktivitéit encouragéieren
0 - ? NSP

D'Sqchaffung vum groussen europäeschen Maart wärt 1992 realiséiert gin. Dat wärt Konsequenzen um Aarbechtsmaart a fir déi verschidde Regiounen vun der Gemeinschaft mat sech brengen.
Sot mir fir all Aspekt deen ech elo zitéieren op dat éischter Virdeeler oder Nodeeler gët.

| | éischter Virdeeler | éischter Nodeeler | NSP ? |
|---|---|---|---|
| 342. d'Ofschaffung vun all Barrieren wat d'fräi Zirkulatioun vun de Persounen, de Wueren, de Servicer a vum Kapital betrëfft, huet fir déi europäesch Gehaltsempfänger .... | 1 | 2 | 0 |
| 343. d'Opmaachen vun de Märt an d'Ukuerbelung vun der Kompetitioun zwëschen de Betrieber, huet fir déi Géigenden déi haut wirtschaftlech Schwieregkeeten hun .... | 1 | 2 | 0 |

| | |
|---|---|
| Hut Dir an der leschter Zäit eppes iwer d'Europaparlament, dat heescht iwer d'Parlament vun der EG, an der Zeitung geliés, um Radio héieren oder op der Television gesin? | 1 - Jo *<br>2 - Nee ---- Q.346<br>0 - ? NSP ---- Q.346 |
| WA JO, hut Dir doduerch éischter e gudden oder éischter e schlechten Androk vum Europaparlament kritt? | 1 - éischter e gudden<br>2 - éischter e schlechten<br>3 - weder nach (SPONTAN)<br>0 - ? NSP |
| Loosse mer unhuelen dass wiélen goen hei zu Lëtzebuerg nët obligatorësch wär: Wann nächste Sonndeg Europawahlen wären, géif Dir dann sëcher oder wahrscheinlech stëmmen goen oder géift Dir sëcher oder wahrscheinlech nët stëmmen goen? | 1 - géift sëcher stëmmen goen<br>2 - géif wahrscheinlech stëmmen goen<br>3 - géif wahrscheinlech nët stëmmen goen<br>4 - géif sëcher nët stëmmen goen<br>5 - dat hängt dovun of (SPONTAN) |
| Ärer Meenung no, wéieng wichteg Roll spillt am Moment d'Europaparlament am Liéwen vun der europäescher Gemeinschaft, eng ....? | 1 - ganz wichteg<br>2 - wichteg<br>3 - keng ganz wichteg<br>4 - guer keng wichteg<br>0 - ? NSP |
| Dir perséinlech, hätt Dir gären dass d'Europaparlament eng méi wichteg Roll oder eng manner wichteg Roll géng kréien, wéi bis elo? | 1 - méi wichteg<br>2 - manner wichteg<br>3 - soll d'selwecht bleiwen (SPONTAN)<br>0 - ? NSP |

9. Sid Dir derfir oder dergëint fir dass d'europäescht Parlament d'Recht kritt iwer europäesch Gesetzer ofzestëmmen dëi direkt an alle Memberlänner a Kraft trieden dat heescht also och hei zu Lëtzebuerg?

1 - derfir
2 - dergëint
0 - ? NSP

0. Sid Dir fir oder gëint d'Bildung vun enger europäescher Regierung dëi sech virum europäesche Parlament verantworte muss?

1 - Jo dofir *
2 - Nee dergëint --> Q.352
3 - ? NSP --> Q.352

351 WA JO: Em wat fir eng vun dene folgenden Domänen soll d'europäesch Regierung sech këmmeren?

LESCHT 21 WEISEN
MEI ANTWERTEN MEIGLECH

1 - D'Secherheet a Verdeedegung
2 - Den Emweltschutz
3 - D'Währung
4 - D'Kooperatioun mat den Entwecklungslänner
5 - D'Relatioun mat Länner ausserhalb der EG (USA, China, Japan ....)
6 - D'wëssenschaftlech an technesch Fuerschung
0 - ? NSP

2. Huele mer un et wir eng Majoritëit vun denen 12 Länner aus der EG fir d'Formatioun vun der europäescher Unioun, mee 2 oder 3 Länner sin nët domat averstan. Mengt Dir dass dëi Länner dëi sech ënner sech eens sin dëi Unioun maachen sollen oder mengt Dir se sollen dann de Projet falle lossen?

1 - europäesch Unioun maachen
2 - Projet faale lossen
3 - aner (SPONTAN) OPSCHREIWEN: ................
0 - ? NSP

3. Wär Dir domat averstan dass d'europäescht Parlament dat 1989 gewiëlt gët, d'Mandat kritt fir e Projet fir eng Verfassung vun der europäescher Unioun virzebereeden?

1 - averstan
2 - nët averstan
0 - ? NSP

4. Wärt Dir dermat averstanen oder nët dass dëi europäesch Birger sech duerch e Referendum aussprieche kënnen op se fir oder gëint d'Schaffung vun der europäescher Unioun sin?

1 - averstan
2 - nët averstan
0 - ? NSP

. Verschidden Institutiounen intervenëieren an der Definitioun an an der Ausféierung vun der Politik vun der Europäescher Gemeinschaft.
Wat fir eng vun denen Institutiounen hei, spillen Ärer Meenung no wirklech eng wichteg Roll?
LESCHT 22 WEISEN MEI ANTWERTEN MEIGLECH

6. A wat fir eng Institutiounen missten Ärer Meenung no méi eng wichteg Roll spillen?
LESCHT 22 WEISEN MEI ANTWERTEN MEIGLECH

| | 355 | 356 |
|---|---|---|
| - D'Kommissioun vun der Europäescher Gemeinschaft | 1 | 1 |
| - De Ministerrot vun der Europäescher Gemeinschaft | 2 | 2 |
| - Den europäesche Rot vun de Staats- a Regierungsscheffen vun den europäescher Gemeinschaft ('europäesche Sommet' genannt) | 3 | 3 |
| - D'Europaparlament | 4 | 4 |
| - den europäesche Gerichtshaf (Cour de Justice) | 5 | 5 |
| - D'lëtzebuerger Parlament | 6 | 6 |
| - D'lëtzebuerger Regierung | 7 | 7 |
| - D'Berufsorganisatiounen | 8 | 8 |
| - D'politësch Parteien | 9 | 9 |
| - ? NSP | 0 | 0 |

7. Wann et iwert d'Politik geet, schwätzen d'Leit vun "Rechts" a "Lenks". Wou gëift Dir iech un Hand vun dësem Skalaire situëieren? LESCHT 23 WEISEN NAISCHT VIRSCHLOEN
P.I. MUSS SECH AN ENG CASE ASETZEN WANN SIE ZECKT NACH ENG KEIER FROEN

LENKS 1 2 3 4 5 6 7 8 9 10 RECHTS
? NSP

8. Op dëser Lëscht gesit Dir dräi fundamental Haltungen dëi ee vis-à-vis vun der Gesellschaft an der mir liëwen kënnt hun. Wat fir eng vun denen dräi Haltungen kënnt am meeschten op dëi eraus dëi Dir persëinlech fir richteg haalt?
LESCHT 24 WEISEN NEMMEN 1 ANTWERT

1 - d'Organisatioun vun eiser jetzeger Gesellschaft muss radikal duerch eng revolutionnär Aktioun geännert gin
2 - eis Gesellschaft muss Schrëtt fir Schrëtt duerch Reformen verbessert gin
3 - eis Gesellschaft muss mat Courage gëint all méiglech subversiv Kräften verdeedegt gin dëi probéieren gëifen sie ëmzestierzen
0 - ? NSP

9. Gët et eng Partei där Dir méi no stitt ewëi enger aner?
WA JO: Fillt Dir Iech ganz staark mat dëser Partei verbonnen, zimlech verbonnen oder sympathisëiert Dir nëmmen?

1 - staark verbonnen
2 - zimlech verbonnen
3 - ech sympathisëieren nëmmen
4 - ech stin kenger Partei no
0 - ? NSP

| | |
|---|---|
| Wéi as Āren Zivilstand, sid Dir .... | 1 - Jonggesell<br>2 - Bestued<br>3 - Liéft Dir zesummen<br>4 - Sid Dir gescheed<br>5 - Liéft Dir getrennt<br>6 - Sid Dir Wittmann/fra |
| Wéi al wart Dir wéi Dir mat Āren (ganzdeglechen) Studien opgehalen hut? | 1 - bis 14 Joer<br>2 - 15 Joer<br>3 - 16 Joer<br>4 - 17 Joer<br>5 - 18 Joer<br>6 - 19 Joer<br>7 - 20 Joer<br>8 - 21 Joer<br>9 - 22 Joer oder méi al<br>X - studéiert nach |
| Wann am Moment hei zu Lëtzebuerg Chamberwale géife gehale gin, (ENNER 18: a wann Dir kéint mat wiéle goen) wat fir enger Partei géift Dir dann déi meeschte Stëmmen gin?<br>LESCHT PARTEIEN | 1 - C.S.V.<br>2 - L.S.A.P.<br>3 - D.P.<br>4 - K.P.<br>5 - écologistes<br>6 - aner Partei<br>7 - wäiss / keng Partei<br>0 - ? NSP |
| Geschlecht P.I. | 1 - Mann<br>2 - Fra |
| Wéini sid Dir gebuer? | Gebuer: .......... Alter: .......... |
| Wéivill Leit liéwen an Ārem Stot, Dir selwer abegraff? | 1 2 3 4 5 6 7 8 9 oder méi |
| Wéivill Kanner tëschent 8 a 15 Joer? | 1 2 3 4 5 6 7 8 9 oder méi |
| Wéivill Kanner ënnert 8 Joer? | 1 2 3 4 5 6 7 8 9 oder méi |
| Mir wëllen d'Resultater vun dëser Etude am Vergläich zum Familjenakommes vun de Leit analyséieren. Hei as eng Monatsakommestabell. LESCHT AKOMMES WEISEN<br>Mir géife gäre wëssen op wat fir e Niveau Dir Iech situéiert mat alle Verdéngschter an Ārem Stot, ewéi Léin, Kannergeld, Renten an aner Akommes zesummen, an dat BRUTTO, also ouni dass d'Steieren an d'Sozial-laaschten ofgehalen sin. Sot mir nëmmen d'Nummer vun der Kategorie. | 1 - manner ewéi 30.000 Frang am Mount<br>2 - 30.000 bis 39.999 Frang am Mount<br>3 - 40.000 bis 49.999 Frang am Mount<br>4 - 50.000 bis 54.999 Frang am Mount<br>5 - 55.000 bis 59.999 Frang am Mount<br>6 - 60.000 bis 69.999 Frang am Mount<br>7 - 70.000 bis 74.999 Frang am Mount<br>8 - 75.000 bis 79.999 Frang am Mount<br>9 - 80.000 bis 89.999 Frang am Mount<br>X - 90.000 bis 99.999 Frang am Mount<br>Y - 100.000 bis 109.999 Frang am Mount<br>0 - 110.000 a méi am Mount<br>B - keng Āntwert |
| BERUF VUM P.I. OPSCHREIWEN AN KODEIEREN<br>Fräiberufler | 1 - Bauer oder Wënzer<br>2 - Dokter, Affekot, Expert-Comptabel<br>3 - Commerçant, Artisan, Patron<br>4 - Aarbechter<br>5 - Employé oder Fonktionnär bis cadre moyen<br>6 - Employé oder Fonktionnär cadre supérieur<br>7 - Pensionnéierten<br>8 - Hausfra/mann<br>9 - Schüler, Student, Militärservice<br>0 - Chômeur |
| NEMMEN WANN DE P.I. E BERUF HUET<br>Wéivill Leit schaffen do wou Dir schafft? | 1 - manner ewéi 5<br>2 - 5 bis 49<br>3 - 50 bis 499<br>4 - 500 oder méi |
| Sid Dir den Familjenvirstand? | 1 - jo NÄCHST FRO IWERSCHLOEN<br>2 - nee |
| BERUF VUM FAMILJENVIRSTAND?<br>Fräiberufler | 1 - Bauer oder Wënzer<br>2 - Dokter, Affekot, Expert-Comptabel<br>3 - Commerçant, Artisan, Patron<br>4 - Aarbechter<br>5 - Employé oder Fonktionnär bis cadre moyen<br>6 - Employé oder Fonktionnär cadre supérieur<br>7 - Pensionnéierten<br>8 - Hausfra/mann<br>9 - Schüler, Student, Militärservice<br>0 - Chômeur |
| Awunnerzuel vun der Gemeng<br>ENQ.: NOTER LE VILLAGE | 1 - ënnert 2.500<br>2 - 2.500 - 5.000<br>3 - 5.000 - 10.000<br>4 - 10.000 - 20.000<br>5 - 20.000 - 50.000 (Esch)<br>6 - iwert 50.000 (Stad Lëtzebuerg) |
| Géift Dir soen dass Dir .... | 1 - um Land oder an engem Duerf<br>2 - enger klenger oder mëttelgrousser Stad<br>3 - an enger grousser Stad ....... liéft |
| 1 - ZENTRUM 2 - SUDEN 3 - NORDEN 4 - OSTEN | |